Séance publique du 13 novembre 2026

Ëffentlech Sëtzung vum 13. November 2026

Annonce publique / Ëffentlech Bekanntmaachung :
5 novembre 2026 / 5. November 2026

Convocation / Convocatioun :
5 novembre 2026 / 5. November 2026

Présents / Present :
Romain Kill, bourgmestre
René Ernst, échevin
Peggy Olinger, échevine
Sonja Barthel, conseillère
Nicolas Dicken, conseiller
Romain Dicken, conseiller
Francine Ernster, conseillère
Luc Mangen, conseiller
Tamara Mangerich, secrétaire communale f.f.

Fonctionnaires / Beamten :
Romaine Rassel
Carlos Gomes
Markus Neukirch

Experts / Experten :
Elena Emrick-Schmitz, Schroeder & Associés, conseillère
Pacte Climat
Tom Engel, Préposé de la nature et des forêts – Triage de Dalheim

Excusés / Entschëllegt :
Tracy Bloomer, conseillère (votant par procuration, mandataire Francine Ernster)

En séance publique :

1. Informations au conseil communal

Monsieur le bourgmestre, Romain KILL, a ouvert la séance en revenant sur les différentes réunions et manifestations qui ont eu lieu depuis la précédente séance du conseil communal :

- 2 octobre 2026 : participation du collège échevinal et de 5 citoyens de la commune à la Joyeuse Entrée du couple grand-ducal à Ehnen ;
- 7 octobre 2026 : réunion avec Madame CIMANDER du Ministère de l'Agriculture au sujet du projet LEADER « Duerfentwécklung » en relation avec le site festivités. A savoir que les 2 projets à Filsdorf soumis par la commune de Dalheim dans le cadre de l'appel à projets « Méi Natur an eise Stied an Dierfer » n'ont malheureusement pas été retenus. Cela ne signifie toutefois pas que ces projets ne seront pas réalisés ;
- 9 octobre : distribution de gilets de sécurité et de pendentifs réfléchissants en forme de monstre aux élèves de l'école fondamentale par le collège échevinal ;
- 19 octobre 2026 : pose de la première pierre de la nouvelle école avec salle pour l'éducation physique, en présence du ministre des Affaires Intérieures, Monsieur Léon GLODEN, ainsi que de membres des collèges échevinaux des communes voisines ;
- 20 octobre 2026 : réunion des collèges échevinaux du canton de Remich à Dalheim ;
- Au cours du mois d'octobre 2026 : entretiens avec le personnel administratif de l'administration et du service technique. Il en est ressorti que le personnel est globalement satisfait au travail et que les relations avec le collège échevinal sont bonnes ;
- 3 novembre 2026 : réunion constructive avec l'administration des ponts et chaussées au sujet du nouveau règlement de circulation de la commune de Dalheim ;

Ëffentlech Sëtzung:

1. Informatiounen un de Gemengerot

Den Här Buergermeeschter Romain KILL huet d'Sëtzung opgemaach an ass op verschidde Reuniounen a Manifestatiounen agaangen, déi zanter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- 2. Oktober 2026: de Schäfferot a 5 Bierger vun der Gemeng hunn un der Joyeuse Entrée vun der groussherzoglecher Koppel zu Éinen deelgeholl;
- 7. Oktober 2026: Reunioun mat der Madamm CIMANDER vum Landwirtschaftsministère wéinst dem LEADER-Projet "Duerfentwécklung" betreffend de Festivitéitssite. Leider goufen déi 2 Projeten zu Fëlschdref, déi d'Duelemer Gemeng am Kader vum Projetsopruff "Méi Natur an eise Stied an Dierfer" agereecht hat, net zréckbehalen. Dëst heescht awer net dass déi Projeten net wäerte realiséiert ginn;
- 9. Oktober 2026: Verdeele vu Sécherheetsgileten a reflektéierend Monsterunhänger un d'Schoulkanner aus der Grondschoul duerch de Schäfferot;
- 19. Oktober 2026: Grondsteeleeung fir déi nei Schoul mat Turnsall, a Präsenz vum Här Inneminister Léon GLODEN, sou wéi Membere vun de Schäfferéit aus de Nopeschgemengen;
- 20. Oktober 2026: Reunioun vun de Schäfferéit vum Kanton Réimech zu Duelem;
- Am Laf vum Oktober 2026: Entretiene mam administrative Personal vun der Administratioun a vum Service technique. Heibäi ass ervirzehiewen, dass d'Personal am grousse Ganzen zefridden ass op der Aarbecht an dass d'Verhältnis mam Schäfferot gutt ass;
- 3. November 2026: konstruktiv Reunioun mat der Stroossebauverwaltung iwwert dat neit Verkéiersreglement vun der Duelemer Gemeng;
- 13. November 2026: Installatioun vum Bankomat tëscht der Gemeng an dem Centre Culturel vun Duelem. Hei mussen awer nach verschidden

- 13 novembre 2026 : mise en place du bancomat entre la mairie et le centre culturel de Dalheim. Il convient toutefois de préciser que certains raccordements restent encore à effectuer avant que celui-ci puisse être mis en service.

2. Plan de gestion annuel des forêts 2027

Monsieur Tom ENGEL, Préposé de la nature et des forêts – Triage de Dalheim, a présenté le plan de gestion annuel des forêts 2027 au conseil communal.

Le conseil communal a décidé à l'unanimité d'approuver le plan en question.

3. Pacte Climat

3.1. Présentation et approbation du « Leitbild »

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver le « Leitbild » comme présenté par Madame EMRICK-SCHMITZ.

3.2. Présentation et approbation des « Baustandards »

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver les « Baustandards » comme présentés par Madame EMRICK-SCHMITZ.

4. Approbation provisoire des comptes de l'exercice

4.1 Approbation provisoire du compte administratif de l'exercice 2024

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, de reporter ce point à l'ordre du jour du prochain conseil communal.

4.2 Approbation provisoire du compte de gestion de l'exercice 2024

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, de reporter ce point à l'ordre du jour du prochain conseil communal.

4.3 Approbation de la réponse au Ministère des Affaires intérieures au rapport du département du contrôle de la comptabilité communale

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, de reporter ce point à l'ordre du jour du prochain conseil communal.

5. Conventions et contrats

5.1. Contrat de location avec le Syndicat Intercommunal Bettembourg/Leudelange Centre de Natation « An der Schwemm » pour la natation scolaire pour l'année scolaire 2026/2027

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver le contrat de location avec le Syndicat Intercommunal Bettembourg/Leudelange Centre de Natation « An der Schwemm » pour la natation scolaire pour l'année scolaire 2026/2027.

5.2. Convention concernant l'intervention temporaire d'enseignants de l'enseignement musical dans le

Uschlëss gemaach ginn, ier en a Betrib geholl ka ginn.

2. Järleche Gestiounsplang vun de Bëscher 2027

Den Här Tom ENGEL, Preposé vun der Naturverwaltung, zoustänneg fir Duelem, huet dem Gemengerot de järleche Gestiounsplang vun de Bëscher fir 2027 virgestallt.

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dëse Plang unzehuelen.

3. Klimapakt

3.1. Virstellung an Unhuele vum Leitbild

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Leitbild dat vun der Madamm EMRICK-SCHMITZ virgestallt gouf, unzehuelen.

3.2. Virstellung an Unhuele vun de Baustandarden

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Baustandarden déi vun der Madamm EMRICK-SCHMITZ virgestallt goufen, unzehuelen.

4. Provisoresch Zoustëmmung vun de Konte vum Exercice

4.1 Provisoresch Zoustëmmung vum administrative Kont vum Exercice 2024

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dëse Punkt op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren.

4.2 Provisoresch Zoustëmmung vum Gestiounskont vum Exercice 2024

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dëse Punkt op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren.

4.3 Zoustëmmung vun der Äntwert un den Inneministère op de Rapport vum Contrôle vun der Gemengecomptabilitéit

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dëse Punkt op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren.

5. Konventiounen a Kontrakter

5.1 Kontrakt mam Syndicat Intercommunal Bettembourg/Leudelange Centre de Natation « An der Schwemm » fir d'Schoulschwamme fir d'Schouljoer 2026/2027

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Kontrakt mam Syndicat Intercommunal Bettembourg/Leudelange Centre de Natation « An der Schwemm » fir d'Schoulschwamme fir d'Schouljoer 2026/2027 unzehuelen.

5.2. Konventioun betreffend den temporären Asaz vun Enseignante vun der Museksschoul am Kader vu

cadre de projets de collaboration entre l'enseignement fondamental et l'enseignement musical communal

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver la convention précitée telle qu'elle a été signée par le collège des bourgmestre et échevins en date du 14 septembre 2026.

5.3. Contrat de bail relatif à la location du cabinet médical n° 2

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver le contrat de bail précité avec Dr Jill Pauly, portant sur un local pour usage professionnel situé à L-5685 Dalheim, 3, Suebelwee (numéro cadastral : section B de Dalheim n°1716/4549, lieu-dit « Suebelwee ») destiné à l'exploitation d'un cabinet médical / paramédical, signé le 27 octobre 2026 entre les parties.

6. Droit de préemption

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, de ne pas exercer le droit de préemption sur la parcelle sise à Filsdorf, inscrite au Cadastre de la Commune de Dalheim section D de Filsdorf sous le numéro 502/4063, lieu-dit « Lëtzebuergerstrooss », d'une contenance de 8,53 ares.

7. Décomptes de travaux

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver en bloc les décomptes finaux de travaux pour un montant total de dépenses effectives de 7.046.938,15 €.

8. Demande de subsides extraordinaires

Monsieur Romain DICKEN, conseiller, a quitté la séance préalablement à la délibération et au vote, conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, en raison d'un intérêt direct dans l'affaire.

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'accorder au club Taekwondo Dalheim un subside extraordinaire pour 2026 portant sur 2.325,00 €.

9. Confirmation de règlements de circulation

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, par un vote en bloc, de confirmer les règlements de circulation à caractère temporaire suivants :

- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Am Eck » à Filsdorf tel qu'il a été pris en date du 13 octobre 2026 ;
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Kloosgaass » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 20 octobre 2026 ;
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Kloosgaass » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 27 octobre 2026 ;
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la route d'accès de la Maison relais à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 30 octobre 2026 ;
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Kloosgaass » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 10 novembre 2026 ;
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Om Bongert » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 13 novembre 2026.

Projeten an Zesummenaarbecht tëscht der Grondschoul an der Museksschoul

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, déi uewe genannte Konventioun, déi de 14. September 2026 vum Schäfferot ënnerschriwwe gouf, unzehuelen.

5.3. Locatiounskontrakt fir de Cabinet medical Nummer 2

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Locatiounskontrakt mat der Dr Jill Pauly, fir e professionellt Lokal op der Adress L-5686 Duelem, 3, Suebelwee (Kadasternummer 1716/4549, Sektioun B vun Duelem, Suebelwee), fir d'Exploitéiere vun engem medezineschen oder paramedezinesche Cabinet, ënnerschriwwen de 27. Oktober 2026, unzehuelen.

6. Virkafsrecht

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Virkafsrecht op der Parzell geleeën zu Fëlschdref, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Duelem, Sektioun D vu Fëlschdref, ënnert der Nummer 502/4063, Lëtzebuergerstrooss, iwwer 8,53 Ar, net auszeüben.

7. Dekonte vun Aarbechten

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung, d'final Dekonte vun Aarbechten, fir en Total vun effektive Gesamtausgabe vu 7.046.938,15 €, unzehuelen.

8. Demande fir ausseruerdentlech Subsiden

Den Här Romain DICKEN, Conseiller, huet d'Sëtzung, wéinst engem direkten Interêt an der Affär, virun der Ofstëmmung verlooss am Aklang mam Artikel 20 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dem Taekwondo Duelem en ausseruerdentleche Subside vun 2.325,00 € fir 2026, ze geneemegen.

9. Bestätege vu Verkéiersreglementer

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung, follgend zäitweileg Verkéiersreglementer ze bestätegen:

- dat zäitweilegt Verkéiersreglement Am Eck zu Fëlschdref, sou wéi et geholl ginn ass den 13. Oktober 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Kloosgaass zu Duelem , sou wéi et geholl ginn ass den 20. Oktober 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Kloosgaass zu Duelem , sou wéi et geholl ginn ass de 27. Oktober 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Zoufaartsstrooss vun der Maison relais zu Duelem, sou wéi et geholl ginn ass den 30. Oktober 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Kloosgaass zu Duelem , sou wéi et geholl ginn ass den 10. November 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement Om Bongert zu Duelem , sou wéi et geholl ginn ass den 13. November 2026.

En séance à huis clos

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, de créer un poste de salarié à tâche manuelle de la carrière A pour les besoins du service technique.

Sëtzung ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, en Aarbechterposten an der A-Karriär ze schafe fir d'Besoine vum Service technique.